

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanz-, den Här Wirtschafts- an den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

D'Logistik ass vun der Lëtzebuenger Regierung am Kader vun der Diversifikatioun iwwer laang Jore bevirdelegt behandelt an zu enger wichteger Stäip vun eiser Wirtschaft ausgebaut ginn. Vill Entrepreneuren hei am Land an eng grouss Zuel vun Aarbechtsplazen hänke vun dem Secteur of.

Während der COVID-Kris huet sech d'Wichtegkeet vun dem Secteur, besonnesch och dem Transport duerch Camionne fir d'Belastung vun eise Geschäfte, nees ganz däitlech gewisen. Dee Secteur ass ouni Zweifel vu strategescher Wichtegkeet. D'Verdeierung vun de Pétrolprodukter duerch déi nei CO<sub>2</sub>-Steier an d'Neiberechnung vun der Autossteuer bedeit fir de Logistik-Secteur a besonnesch och fir de Wuerentransport op der Strooss awer eng substantiell, finanziell Méibelaaschtung.

Dowéinst wollt ech deenen zoustännege Ministeren dës Froe stellen:

1. Wëll d'Regierung de Lëtzebuenger Speditiounsbetrieber finanziell Hëllef fir dës Onkäschten ze kompenséieren? Si konkret Schrëtt virgesi fir de Speditiounen an all aner Branchen, déi am Stroossentransport aktiv sinn, ze erlaben, déi steierlech Méibelaaschtung auszegläichen?
2. Wat wëll d'Regierung ënnerhuelen, fir datt Lëtzebuenger Transportentreprise géintiwuer der auslännescher Konkurrenz kompetitiv bleiwen?
3. Wéi schätzt d'Regierung d'Bedeutung vun engem eegestännege Lëtzebuenger Transportsecteur an? Hält si et fir wichteg, datt dee Secteur hei am Land eng Zukunft huet?
4. Wéi aner wichteg Secteure vun eiser Ekonomie, sinn och d'Transportentreprise zu engem groussen Deel op Grenzgänger ugewisen. Wéi wëll d'Regierung d'Resilienz vum Transportsecteur a Krisensituatiounen verbessern?
5. Déi héich subventionéiert E-Mobilitéit ass fir de Speditiounen-Secteur (besonnesch fir déck Camionen an de Laangstreckentransport) keng wirtschaftlech Alternativ.

Däitschland hëlleft dem Secteur mat Primme fir hir Camionen op déi modernsten Dieselnormen ëmzestellen. Denkt d'Lëtzebuerger Regierung och un esou Moosname fir et dem Lëtzebuerger Speditiounssecteur ze erlaben, déi neisten a méi ëmweltfrëndlech Diesel-Modeller méi séier a méi käschtegëschteg anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten